PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
04 MARS 2020
1969

Lëtzebuerg, den 03/03/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Kommunikatioun a Medien & Interieur weiderzeleeden.

Déi meescht Gemengen zu Lëtzebuerg publizéiere reegelméisseg ee Gemengebuet. Dëst Blat ass nieft dem Internetsite vun der Gemeng fir d'Biergerinnen a Bierger déi eenzeg Informatiounsquell, déi se iwwert hirer Gemeng hunn. D'Ligne editoriale vun dëse Gemengebueten ass oft net ganz kloer an et gi seele kloer Kritären, déi festleeën wien dierf an engem Gemengebuet publizéieren, wat an ee Gemengebuet gehéiert an wat net.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ënnerläit ee Gemengebuet iergendengen deontologesche Reegele wat de Contenu an d'Selektioun vun den Bäiträg betrëfft, déi an dësem Blat figuréieren ?
2. Kënnt Dir ausschléissen, datt a Gemengebueten Inhalter publizéiert ginn, déi géint d'Dignitéit vum Mënsch verstoussen ? Wa jo, wéi kënnt Dir dat garantéieren ?
3. Ass geplangt een « Leitfaden » fir d'Gemengen auszeschaffen, dee reegelt wat an ee Gemengebuet gehéiert a wat net ?
4. Ginn et, Dir Dammen an Häre Ministeren, iergenteng Kritären, déi déi Leit an de Gemengen, déi sech ëm de Contenu vum Gemengebuet këmmeren, mussen respektéieren ?
5. Dir Dammen an Häre Ministeren, schléisst d'Gemengenautonomie eng contraignant Reglementatioun säitens der Regierung an dësem Beräich aus ?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 04 mars 2020

Objet : Question parlementaire n° 1969 du 03.03.2020 de Monsieur le Député Sven Clement - Ligne éditoriale pour les bulletins communaux

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés